

Gemengewahlen

Gemengeréit

D'Membere vum Gemengerot bestëmmen dono de Buergermeeschter/-in an d'Schäffen.

Wie gëtt gewielt?

Wie wíelt?
(aktivt Wahlrecht)

Lëtzebuurger/-in

18 Joer, obligatoresch, Biergerrechter hunn, zu Lëtzebuerg ugemellt sinn

Net Lëtzebuurger/-in

18 Joer, Biergerrechter hunn, min. 5 Joer zu Lëtzebuerg ugemellt an op der Wahllëscht agedroe sinn

Wie ka gewielt ginn?
(passivt Wahlrecht)

Lëtzebuurger/-in

18 Joer, säit min. 6 Méint an der Gemeng ugemellt sinn, Biergerrechter hunn, Beruff ausüben, dee vereinbar ass mat der Gemengerotsfunktoun

Net Lëtzebuurger/-in

18 Joer, säit min. 6 Méint an der Gemeng a säit min. 5 Joer zu Lëtzebuerg ugemellt sinn, Biergerrechter hunn, Beruff ausüben, dee vereinbar ass mat der Gemengerotsfunktoun

Majorzgemeng (<3.000 Awunner):

Keng Parteilëschten: Du wiels eenzel Kandidaten.

Proporzgemeng (>3.000 Awunner):

Et gi Parteilëschten: Du wiels entweder 1 Partei oder eenzel Kandidaten (aus der selwechter oder verschiddene Parteien).

Et kann ee Kandidaten och 2 Stëmme ginn.

Wanns du eenzel Kandidate wiels, hues du souvill Stëmme zegutt, wéi Sëtz am Gemengerot sinn.

Wéi gëtt gewielt?

Wou a wéini?

All 6 Joer um 2. Sonndeg am Oktober (**2017 8. Oktober**) gëtt tëscht **8.00-14.00 Auer** am Wahlbüro gewielt.
Min. 5 Deeg am viraus kriss du eng Lettre de Convocation mat de wichtegen Informatiounen.

De Stëmmziedel ass ongülteg, wann ...

- méi Stëmme drop sinn, wéi Gemengeréit gewielt kënne ginn
- keng Stëmm drop ass
- en Ziedel erëmerkennbar ass (z.B. Zeechen, Stréch, Ënnerschrëft)

Ongülteg Wahlziedele gi beim Auszielen net berécksiichtegt!

Oppassen!

Denk un deng Carte d'identité an deng Lettre de convocation fir an de Wahlbüro!

